N° 3876
Entrée le 08.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°3876 vum 3. Abrëll 2026 vum honorabelen Deputéierte Michel Lemaire.

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen am Zesummenhang vun Accidenter vun E-Trottinetten a Vëloe mat Foussgänger.

*Fro 1: Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi dacks et an de Joren 2015 bis 2025 zu Accidenter komm ass, well de Chauffer vun enger Trottinett respektive Vëloschauffer e Foussgänger ugestouss hunn?*

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 | 2024 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Vëlo a Foussgänger | 3 | 2 | 3 | 1 | 6 | 3 | 4 | 5 | 3 | 6 |
| Micromobilitéit a Foussgänger | - | - | - | - | - | - | 1 | 0 | 2 | 7 |

An dësem Zesummenhang sief et awer och nach d'Informatioun, dass déi sougenannte Gefierer vun der Mikromobilitéit, zu deenen och déi elektresch Trottinette gehéieren, eréischt säit 2021 statistesch erfaasst ginn, an et do virdrun also keng Donnéeë gëtt.

*Fro 2: Wéi dacks hunn Affer vun esou Zesummestéiss an deem genannten Zäitraum misse medezinesch behandelt ginn?*

No den Informatiounen déi dem Ministère virleien, huet et sech bei allen Accidenter ëm méi liicht Accidenter gehandelt an nëmme bei engem Accident mat enger elektrescher Trottinette huet eng Persoun missen hospitaliséiert ginn.

*Fro 3: Wéi dacks goufen an deem genannten Zäitraum Kontrolle vun der Police duerchgefouert, fir d'Fuerverbueter op deenen entspriechende Plazen, respektiv zu deenen entspriechenden Auerzäiten ze kontrolléieren? Wéi vill Verstéiss goufe gestallt?*

Déi sou genannte "Micro-véhicules électriques" si rechtlech dem Vëlo gläichgestallt, a faalen och bei der Erfaassung vun de Kontrollen an dës Kategorie.

D'Police kann uginn, dass am Joer 2025 an der Moyenne ronn 90 Verkéierskontrolle pro Dag gemaach goufen, bei deenen ënnert anerem och de Fokus op d'Problematik vun der Mikromobilitéit geluecht ginn ass. D'Erfaassung vun de Verkéierskontrolle vun der Police erméiglecht kee cibléierte Filtrage op déi Plaze op deenen een net mat enger Trottinett fueren däerf.

Lëtzebuerg, de 8. Mee 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes